D' NATIONALPRËSIDENTEN HUNN D' WUERT

CHAREL WILDGEN

Prësidentschaft:
1980 bis 1985

vu Beruff:
Bauer

wunnt zu:
Fennéng

Wat waren d'Schwéierpunkten am Laf vun dénger Prësidentschaft?

Mir waren eng jonk Equipe mat grousser Kollegialitéit. Landes-, Agrar- a Gesellschaftspolitik, Sozialthemen wéi Betriebsiwwernahm, „Habitat rural" oder EU-Agrarpolitik gouffen an dem Nationalcomité diskutéiert. Op organisatoreschem Plang hu mir ënnert anerem een alljährlechen Plouconcours an ee Véihbeuerteelungsconcours ofgehal, dëst mat massivem Publikumszoulaf.

Wat huet d'Fonktioun als Prësident vun de JB & JW Dir perséinlech bruecht?

Si huet mech geléiert Verantwortung ze iwwerhuelen an an engem Team zesummenzeschaffen, Meenungen an Iddien mat Argumenten ze ënnermaueren, aneren hir Usiichten ze respektéieren, méi Versteesdemech fir d'Problematik vun der Entwécklungsaarbecht ze entfalen a virun allem vill Frënn a Kollegen hei zu Lëtzebuerg an iwwer d'Grenzen eraus ze kréien.

Kënnen dénger Meenung no d'JB & JW och haut nach den d'Ziler an dem Geescht vun de Grënnungsmemberen gerecht ginn ?

Et gëllt haut, méi wéi jee, sech anzesetzen fir minoritär Gruppen a sech, esou zesummen staark ze maachen fir ee Weiderbestoën vun eiser Land- a Wäibauwirtschaft a vun engem frëndschaftlechen Zesummeliewen an eisen Dierfer. D'JB & JW an d'Lëtzebuerger Landjugend bidden fir déi Jonk nach ëmmer eng ideal an onofhängeg Plattform fir eppes Gemeinsames ze leeschten.

Wat fir ee Message wëlls du deene verantwortleche jonke Leit vun de JB & JW aus dénger Erfahrung eraus mat op de Wee ginn?

Et ass haut wéi gëschter wichteg, dass jonk Leit bereet sinn, sech ze engagéieren an een Deel vun hierer Fräizäit ze afferen fir d'Weiderbestoën vun enger Organisatioun wéi déi vun de JB & JW. Aus eegener Erfahrung kann ech jidderengem versécheren, dass déi Zäit net verluer ass. Sidd weider kritesch an innovativ!

Déi beschte Gléchwënsch fir d'Zukunft!